ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14. Abrëll 2017

HärPresident,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den HärMinister fir Infrastrukture weiderzeleeden:

Leider ginn eng sëlleche Beem hei am Land ëmgeluecht, sief et fir den Tram ze bauen oder laanscht Stroossen als Sécherheetsmesure oder wéinst Kränkten oder och nach aus anere Grënn. Et gesäit leider och esou aus, wéi wann a leschter Zäit besonnesch vill Beem gefällt gi wären.

Dowéinst wéilt ech dem Här Minister fir Infrastrukturen an deem Zësummenhank e puer méi präzis Froe stellen:

1. Kann den Här Minister eng Joresopstellung vun de Beem maachen, déi vu senge Verwaltungen ewech gemaach gi sinn, an zwar souwuel wat d'Zuel vun deene Beem ugeet wéi och déi betraffe Flächen? Dës Opstellung sollt fir all Joer vun dëser a vun der viireschter Legislaturperiod (2009 – 2013respektiv 2013 bis elo) gemaach ginn.
2. Kann den Här Minister och präziséieren, wéi vill Beem als Kompensatiounsmoossname vu senge Verwaltungen nees ugeplanzt gi sinn (Stéckzuel a Fläch) a wéi vill der dovu wierklech ukomm sinn? Wéivill Beem sinn am Kader vu Kompensatiounen an der Legislaturperiod 2009 bis 2013 pro Joer ugeplanzt ginn a wéivill an där aktueller Legislaturperiod pro Joer (2013 bis haut)?
3. Wéivill Fiichtgebidder sinn an deenen zwou genannte Legislaturperioden Joer fir Joer vernicht ginn? Wéi gesinn do d'Kompensatiounsmoossnamen aus?
4. Wéi gëtt, speziell bei Fiichtgebidder, kontrolléiert, ob d'Kompensatiounsmoossnamewierksam sinn?

5. Wat fir direkt Auswierkungen huet d'Verschwanne vun engem Fiichtgebidd op d'Natur an op d'Landwirtschaft? Ass et dowéinst net wichteg, datt d'Kompensatioune geographesch nobäi virgeholl ginn? Ass dat ëmmer de Fall?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten